Lëtzebuerg, den 20. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

*„Den Ausbau vun den erneierbaren Energien ass eng vun de Prioritéite vun der Regierung am Kampf géint de Klimawandel. Allerdéngs féiere laang Geneemegungsprozeduren dozou, dass den Ausbau, besonnesch bei der Wandenergie, nëmme lues virukënnt.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:*

- *Wat war iwwer déi lescht fënnef Joer déi duerchschnëttlech Dauer vun de Geneemegungsprozedure fir eng Wandanlag?*
- *Wéi wëll d'Regierung d'Prozedure beschleunegen, fir dass méi séier méi Wandanlage gebaut kënne ginn?*
- *Ginn et Estimatioune vu Säite vum Energieministère, wéi grouss de Potenzial zu Lëtzebuerg ass, fir weider Wandanlagen ze bauen?*
- *Wéi vill méi al Wandanlage sollen an den nächste Joer duerch méi nei Modeller ersat ginn? Wéi vill Energie kéint doduerch zousätzlech produzéiert ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

| Max HAHN<br>Deputéierten | Claude LAMBERTY<br>Deputéierten |
| --- | --- |